1-2020-O-J-6366-01 (n°3472)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2021

HA au sujet de l'organisation de la sécurité publique

7

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierte

stellt fest,

- datt d'Police am modifizéierte Gesetz vum 18. Juli 2018 net genuch Instrumenter am Beräich vun der administrativer Police krut, fir all hir Aufgabe kënnen effikass ze erfëllen an déi ëffentlech Uerdnung a Sécherheet an alle Situatioune kënnen ze preservéieren;

fuerdert d'Regierung op,

- der Chamber e Projet de loi bis zum 1. August 2021 virzeleeën, deen der Police d'Méiglechkeet gëtt, op Decisioun vun der lokaler Policedirektioun e Platzverweis auszeschwätzen an zwar esou wuel géint eng Persoun oder e Grupp vu Persounen, déi sech op eng Manéier behuelen, déi eng konkret, zäitno a schwéier Gefor fir déi ëffentlech Sécherheet duerstelle kann, ewéi och géint eng oder méi Persounen, déi eng Entrée vun engem privaten oder ëffentleche Lokal oder Gebai oder och e Wee oder e Passage blockéieren. Dëse Platzverweis soll kënnen, wann néideg, mat Gewalt duerchgesat ginn an d'Net-Respektéiere vun esou engem Verweis soll mat penale Sanktioune bestrooft ginn.

Fernand Kartheiser